N° 65 | DEZEMBER 2023

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum


**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Dezember 2023

**Redaktioun**
Gemeng Fëschbech

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Maison Relais
Crèche
Natur- & Geopark Mëllerdall
ORT Mëllerdall
D'Veräiner vun der Gemeng
De Schäfferot an
D'Gemeng Fëschbech

**Layout**
Gemeng Fëschbech

**Cover**
"Bam am Schnéi" Luss BROSIUS

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Editioun matgeschafft huet.***



**GEMENG**

Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen
- Avis de fin d'année 11
- Nei Gemengesubsiden 12
- Opruff 15
- Jobs d'étudiants 2024 16
- Neie Bus 16
- Réalisatiounen an der Gemeng 2023 18
- Europawalen 2023 20
- Nei Mataarbechter 21

Aktivitéite ronderëm d'Gemeng
- Präventiounscours op der Héicht 21
- Infoowend - Berodend Kommissiounen 22
- Kommemoratiounsdag 23
- Kaffisbuffet 24
- Diplomiwwerreechung CAPE 25
- UGDA Auditioun 25
- Adventsfënsteren 26

**NATUR & KLIMA**

Nationalen Dag vum Bam 2023 28
Natur- & Geopark Mëllerdall 32
Masterplan Regioun Mëllerdall 34

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

Kenneléierowend an der Angsber Schoul 35
Aktivitéiten an der Angsber Schoul 36
Schoulklassen 2023-2024 44
Ei Ei Ei, Lo ass de Kleeschen hei 50
Aktivitéiten am Kuebenascht 54
Aktivitéite bei de Kueben 56

**WAT WAR LASS?**

Ausfluch vun de Pompjeeën 60
Kannerfloumaart 62
't ass Kiermes am Duerf 63
Journée du Grand-Âge 64
Kiermesham 66
Cäciliefeier 67

**AGENDA**

Manifestatiounskalenner 2024 68


# Virwuert



Léif Alleguerten,

Alles huet a brauch seng Zäit. 2023, d'sougenannte Superwaljoer, hu mir geschwënn hannert eis. D'Gemengewale vum 11. Juni schénge scho ganz wäit fort, obwuel déi Zäit ganz intensiv a spannend war fir d'Kandidaten, mee och fir d'Wielerinnen an d'Wieler.

3847 Kandidatinnen a Kandidaten hunn sech fir 1121 Mandater op nationalem Niveau gemellt. A sechs Gemengen am Land huet net misse gewielt ginn, well d'Unzuel vun de Kandidaturen ënnert der Unzuel vun den ze besetzende Mandater louch.

An eiser Gemeng war dat anescht: Obwuel 5 Memberen aus dem viregte Conseil net méi an d'Wale matgaange sinn, ware 14 Kandidaten an eiser gemeinsamer Informatiounsbroschür ze fannen. D'Vereedegung vum jëtzege Schäfferot hat bei dësem Tour och seng Zäit gebraucht, mir ware mat deene leschte Gemengen am Inneministère passéiert. Vun deem Dag un ass d'Zäit och séier verflunn, well et goufe vill nei Aufgabe fir den neie Schäfferot ze bewältegen.

Op dëser Plaz wëll ech all deenen, déi sech opgesat hunn, Merci soe fir hire Bäitrag un dësem basisdemokratesche Prozess. De Memberen aus dem viregte Gemengerot, déi sech net méi opgesat hunn, e grousse Merci am Numm vun all de Bierger a Biergerinne vun eiser Gemeng, fir hiert Engagement a fir déi vill Zäit, déi si investéiert hu fir d'Allgemengheet.

Et gi vill Matbiergerinnen a Matbierger, déi sech engagéieren, fir d'Zesummeliewen ze gestalten, sief et an eise Veräiner, an eise Kommissiounen oder an der Noperschaft. Et ass a mengen Ae wichteg sech Zäit ze huelen, fir sech auszetauschen, fir gemeinsam Projeten unzegoen an och mol zesummen ze feieren.

Déi Leit, iwwert déi dacks gesot gëtt, datt se „just" hir Aarbecht maachen, wollt ech hei och ernimmen: d'Gemengepersonal, d'Léierpersonal an d'Personal aus de verschiddene Betreiungsstrukturen, hinne gëllt mäin déifste Respekt fir hiren Asaz, ouni deen net méi vill géif funktionéieren. Merci fir hiert Engagement, dat ganz dacks iwwert dat erausgeet, wat „just" hir Aarbecht ass, an dëst kënnt eis all zegutt.

2023 hat sécherlech vill positiv Momenter, mee et ass a bleift duerch déi vill Konflikter op der ganzer Welt markéiert. Nëmme wa mir eis d'Méi maachen, fir aner Leit a Kulture kennen ze léieren, kënne mir Toleranz a Respekt vis-à-vis vun aneren Usiichten an Traditiounen entwéckelen.

Dat neit Joer steet virun der Dier, mat neien Challengen an Iwwerraschungen. Loosst eis positiv an d'Zukunft kucken - och wann et engem net liicht fält, wann een d'Aktualitéit am Hannerkapp hält – an eist Bescht maachen, fir eis Matmënschen an d'Regioun aktiv kennen ze léieren.

Wann een no vir wëll goen, ass et och wichteg ze wëssen, wou een hierkënnt. D'Léieren aus deenen zwee Weltkricher ze zéien ass deemno och eis Flicht, fir datt sech d'Geschicht net widderhëlt. Merci all de Leit, déi sech all Joer op en Neits fir d'Memoire engagéieren, an ënnert anerem duerch hir Presenz op der Journée commémorative hire Bäitrag leeschten, fir de Verstuerwenen ze gedenken.

Ech wënschen eis all, datt mir eis an Dankbarkeet üben a mat klenge Gesten eise Matmënschen eis Unerkennung weisen. An deem Sënn soen ech lech all am Numm vum Schäfferot Merci fir Ären Asaz, fir eng positiv Ambiance an eiser schéiner Gemeng ze erhalen.

Iech all e gudde Rutsch, vill Freed a eng stabil Gesondheet, datt mir 2024 aktiv kënnen ugoen!

*Dan MOURA*
*Schäffen*

# Gemengerotssëtzungen

A moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Wann net anescht uginn, goufen déi verschidden Décisioune eestëmmeg geholl.

## Séance publique du conseil communal du 25 juillet 2023

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, FERNANDES Isabel, DURRER Eric, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc - conseillers

1. Monsieur Paul Decker est nommé provisoirement au poste vacant de fonctionnaire A2 – sous-groupe scientifique et technique auprès du service technique.

2. L'échevin Laurent Schiltz d'Angelsberg est nommé candidat-délégué pour être élu au sein du Syndicat intercommunal de gestion informatique (SIGI).

3. Le conseiller David Jaworski de Schoos est nommé candidat-délégué pour être élu au sein du SICEC.

4. Le conseiller David Jaworski de Schoos est nommé candidat-délégué pour être élu au sein du SIVICOL.

5. Le conseil forme son tableau de préséance comme suit :

1. Den Här Paul Decker gëtt provisoresch op de fräie Poste vum A2 Beamten – sous-groupe scientifique et technique am Service Technique ernannt.

2. De Schäffe Laurent Schiltz vun Angelsbierg gëtt als Delegéierte Kandidat beim SIGI (Syndicat intercommunal de gestion informatique ) nomméiert.

3. De Conseiller David Jaworski vu Schous gëtt als Delegéierte Kandidat beim SICEC gewielt.

4. De Conseiller David Jaworski vu Schous gëtt als Delegéierte Kandidat beim SIVICOL gewielt.

5. De Gemengerot stellt d'Virrangstabel op:

| Rang | Nom et prénom | Fonction | Date de 1ère élection |
|---|---|---|---|
| 1. | BROSIUS Lucien | bourgmestre | 08.10.17 |
| 2. | MOURA Daniel | échevin | 08.10.17 |
| 3. | SCHILTZ Laurent | échevin | 08.10.17 |
| 4. | OLINGER Kevin | conseiller | 08.10.17 |
| 5. | BROSIUS-KOLBER Marianne | conseillère | 11.06.23 |
| 6. | SIMON Marc | conseiller | 11.06.23 |
| 7. | FERNANDES Isabel | conseillère | 11.06.23 |
| 8. | JAWORSKI David | conseiller | 11.06.23 |
| 9. | DURRER Eric | conseiller | 11.06.23 |





6. Le conseil décide de constituer, à part des commissions consultatives prévues par les différentes lois, les commissions suivantes :
   - commission des bâtisses;
   - commission de la culture et des sports;
   - commission pour la promotion de produits locaux, équitables et biologiques;

   et de fixer le nombre de membres effectifs par commission à 9 au plus.

7. Le bourgmestre Lucien Brosius de Schoos, est nommé avec 6 voix comme délégué au Syndicat Intercommunal pour la Gestion des Déchets (SIDEC).

8. L'échevin Laurent Schiltz d'Angelsberg est nommé avec 5 voix comme délégué au Syndicat intercommunal de Dépollution des Eaux Résiduaires de l'Ouest (SIDERO).

9. Le bourgmestre Lucien Brosius (8 voix) de Schoos et l'échevin Laurent Schiltz d'Angelsberg sont nommés délégués auprès du FILANO.

10. Le conseiller David Jaworski de Schoos est nommé délégué au Syndicat Intercommunal pour le maintien à domicile (SIPMAD).

11. L'échevin Daniel Moura de Schoos est nommé délégué au Natur- & Geopark Mëllerdall.

12. L'échevin Daniel Moura de Schoos est nommé représentant auprès du Comité de Pilotage Natura 2000 – Mëllerdall (COPIL).

13. Le conseiller Marc Simon de Schoos est nommé représentant auprès du comité d'accompagnement pour l'eau potable dans la région du Natur- & Geopark Mëllerdal.

14. La conseillère Marianne Brosius-Kolber de Koedange est nommée déléguée au groupe d'action local LEADER Regioun Mëllerdall. Le conseiller David Jaworski de Schoos est nommé délégué suppléant.

15. Le conseiller Marc Simon de Schoos est nommé délégué au comité de l'association Office Régional du Tourisme Région Müllerthal – Petite Suisse Luxembourgeoise.

16. Le conseiller Kevin Olinger de Schoos est nommé délégué au comité de l'association Mouvement pour l'Égalité des Chances pour Tous – M.E.C. a.s.b.l..

6. De Gemengerot entscheet, nieft de berodende Kommissiounen, déi vum Gesetz virgeschriwwe sinn, folgend Kommissiounen zesummenzestellen:
   - Bautekommissioun;
   - Kultur- a Sportskommissioun;
   - Kommissioun fir d'Promotioun vu lokalen, fair gehandelten a Bio Produiten;

   a leet d'Unzuel vun de Membere pro Kommissioun op maximal 9 fest.

7. De Buergermeeschter Lucien Brosius vu Schous gëtt mat 6 Stëmmen als Kandidat fir de Poste vum Delegéierte beim SIDEC ernannt.

8. De Schäffe Laurent Schiltz vun Angelsbierg gëtt mat 5 Stëmmen zum Delegéierte beim SIDERO (Syndicat intercommunal de Dépollution des Eaux Résiduaires de l'Ouest) ernannt.

9. De Buergermeeschter Lucien Brosius (8 Stëmmen) vu Schous an de Schäffe Laurent Schiltz vun Angelsbierg ginn als Delegéierter beim FILANO ernannt.

10. De Conseiller David Jaworski vu Schous gëtt zum Delegéierte beim SIPMAD (Syndicat Intercommunal pour le maintien à domicile) ernannt.

11. De Schäffen Daniel Moura vu Schous gëtt zum Delegéierten am Natur- & Geopark Mëllerdall ernannt.

12. De Schäffen Daniel Moura vu Schous gëtt als Vertrieder am Natura 2000 – Mëllerdall Kommitee (COPIL) ernannt.

13. De Conseiller Marc Simon vu Schous gëtt als Vertrieder am Begleetkommitee fir d'Drénkwaasser am Natur- & Geopark Mëllerdal ernannt.

14. D'Conseillère Marianne Brosius-Kolber vu Kéideng gëtt als Delegéiert, an de Conseilen David Jaworski vu Schous als hiren Ersatz an der lokaler Aktiounsgrupp LEADER Regioun Mëllerdall ernannt.

15. De Conseiller Marc Simon vu Schous gëtt zum Delegéierten am Comité vum Office Regional du Tourisme Mëllerdall – Petite Suisse Luxembourgeoise ernannt.

16. De Conseiller Kevin Olinger vu Schous gëtt zum Delegéierten am Comité vum Veräi Mouvement pour l'Égalité des Chances pour Tous – M.E.C. a.s.b.l. ernannt.

GEMENG

17. La conseillère Marianne Brosius-Kolber de Koedange est nommée déléguée au Conseil National des Femmes du Luxembourg (CNFL).

18. Le conseiller Eric Durrer de Schoos est nommé délégué auprès du Conservatoire du Nord

19. Le conseiller Eric Durrer de Schoos est nommé délégué auprès de l'école de musique de Larochette.

20. La conseillère Isabel Fernandes d'Angelsberg est nommée déléguée auprès du Mierscher Lieshaus.

21. La conseillère Marianne Brosius-Kolber de Koedange est nommée déléguée au Club Uelzechtdall.

22. La conseillère Marianne Brosius-Kolber de Koedange est nommée déléguée auprès de la plateforme communale « Landakademie ».

23. La conseillère Isabel Fernandes de Angelsberg est nommée déléguée et le conseiller Kevin Olinger de Schoos délégué suppléant auprès
    - du CIPA Junglinster (point 23);
    - du CIPA Mersch (point 24);
    - du CIPA « Beim Goldknapp » à Erpeldange-sur-Sûre (point 25).

26. L'échevin Daniel Moura de Schoos est nommé délégué pour les questions de transports publics.

27. Le conseil décide à 6 voix positives contre 3 voix négatives la répartition du congé politique supplémentaire de 9 heures par semaine comme suit :
    - 3 heures au bourgmestre Lucien Brosius ;
    - 3 heures à l'échevin Daniel Moura ;
    - 3 heures à l'échevin Laurent Schiltz.

28. Le conseil modifie le règlement de circulation relatif aux arrêts d'autobus pour le ramassage scolaire à Fischbach et Weyer, ainsi que par rapport à un emplacement PMR à Fischbach.

29. Le conseil approuve des titres de recette pour un montant total s'élevant à 1.720.818,50 €.

30. Le collège des bourgmestre et échevins (CBE) informe le conseil communal (CC) que dans le cadre du « Wandpark Miersch », Maître Marianne Goebel a transmis son avis au collège échevinal. Il en ressort clairement que la commune de Fischbach ne peut en aucun cas se

17. D'Conseillère Marianne Brosius-Kolber vu Kéideng gëtt als Delegéiert fir de Conseil national des femmes du Luxembourg ernannt.

18. De Conseiller Eric Durrer vu Schous gëtt zum Delegéierten am Conservatoire du Nord ernannt.

19. De Conseiller Eric Durrer vu Schous gëtt zum Delegéierten an der Fielser Museksschoul ernannt.

20. D'Conseillère Isabel Fernandes vun Angelsbierg gëtt als Delegéiert am Mierscher Lieshaus ernannt.

21. D'Conseillère Marianne Brosius-Kolber vu Kéideng gëtt als Delegéiert am Club Uelzechtdall ernannt.

22. D'Conseillère Marianne Brosius-Kolber vu Kéideng gëtt als Delegéiert bei der Landakademie ernannt.

23. D'Conseillère Isabel Fernandes vun Angelsbierg gëtt als Delegéiert an de Conseiller Kevin Olinger vu Schous als hiren Ersatz ernannt, beim :
    - CIPA Jonglënster (Punkt 23);
    - CIPA Miersch (Punkt 24);
    - CIPA "Beim Goldknapp" zu Ierpeldeng (Punkt 25).

26. De Schäffen Daniel Moura vu Schous gëtt als Delegéierte fir den ëffentlechen Transport ernannt.

27. De Gemengerot entscheet mat 6 Stëmmen derfir an 3 dogéint, d'Verdeelung vun dem zousätzleche politesche Congé vun 9 Stonne pro Woch:
    - 3 Stonne fir de Buergermeeschter Lucien Brosius;
    - 3 Stonne fir de Schäffen Daniel Moura;
    - 3 Stonne fir de Schäffe Laurent Schiltz.

28. De Gemengerot ännert d'Verkéiersreglement betreffend d' Bushaltestelle fir de Schoul-transport zu Fëschbech a Weyer, an och betreffend enger PMR-Parkplaz zu Fëschbech.

29. De Schäfferot stëmmt Einname fir eng Zomm vun 1.720.818,50 €.

30. De Schäfferot (CBE) deelt dem Gemengerot (CC) mat, datt am Kader vum „Wandpark Miersch" d'Maître Marianne Goebel en Avis ofginn huet. Et stellt sech kloer eraus, datt d'Gemeng Fëschbech e perséinlechen an direkten Intérêt misst virweise kënnen,





faire prévaloir d'un intérêt personnel et direct distinct d'un intérêt général. Maître Goebel renvoie dans son courrier du 23 mai 2023 à une décision du Tribunal administratif au sujet de deux recours formulés par l'Administration communale de Bastogne contre la décision du Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire respectivement du Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement Durable au sujet d'un projet d'implantation d'une éolienne sur le territoire de la Commune du Lac de la Haute-Sûre. Le CBE mettra à disposition des membres du CC le courrier et l'avis reçus par Maître Goebel. Attendu que la commune de Fischbach ne peut se prévaloir d'un intérêt personnel, les habitants potentiellement lésés par la construction des éoliennes auraient la possibilité de s'associer pour faire prévaloir leurs intérêts.
En outre, la commune de Lintgen a informé le bourgmestre, sur demande de celui-ci, que le Ministère de l'Intérieur a confirmé à la commune de Lintgen que rien ne s'oppose a priori à l'émission de l'autorisation de bâtir pour les éoliennes du Wandpark Miersch.
Monsieur Olinger souligne qu'il était d'accord que la commune de Fischbach a formulé un avis négatif quant à la procédure commodo-incommodo mais ne voyait pas la nécessité de recourir à un avocat en dépensant ainsi des fonds publics.
Monsieur Durrer par contre s'enquiert s'il n'était pas nécessaire que la commune continue à soutenir les habitants dans leur combat contre l'implantation des éoliennes juste aux abords du village de Schoos.

wat sech vun engem allgemengen Interessi ënnerscheet. D'Maître Goebel verweist an hirem Bréif vum 23. Mee 2023 op en Uerteel vum Verwaltungsgeriicht iwwer zwee Appell'e vun der Gemeng Baaschtnech géint d'Decisioun vum Aarbechtsministère, respektiv vum Ëmweltministère, iwwer e Projet fir e Wand-Kraaftwierk um Gebitt vun der Stauséi-Gemeng opzeriichten. De CBE huet de Membere vum CC d'Mail mam Avis, vun der Maître Goebel zur Verfügung gestallt. Well d'Gemeng Fëschbech kee perséinlechen Intérêt virweise kann, sollen Awunner, déi duerch de Bau vun de Wandmille potentiell geschiedegt ginn, sech zesummen doe fir hir Interessen ze behaapten.
Donieft huet d'Gemeng Lëntgen dem Buergermeeschter op Nofro hi matgedeelt, datt den Inneministère der Gemeng Lëntgen confirméiert huet, datt a priori näischt d'Ausstelle vun der Baugenehmegung fir de Wandpark Miersch verhënnert.
Den Här Olinger ënnersträicht, datt hien d'accord war, datt d'Gemeng Fëschbech en negativen Avis am Kader vun der Commodo-Incommodo-Prozedur ausgestallt huet, awer net d'Noutwennegkeet gesäit, dowéinst mat ëffentlechë Gelder en Affekot ze beoptragen.
Den Här Durrer freet sech dogéint, ob et net ubruecht wier, datt d'Gemeng d'Awunner weiderhinn an hirem Kampf géint d'Opriichte vu Wandmille just ausserhalb der Uertschaft Schous géing ënnerstëtzen.

## Séance publique du conseil communal du 24 août 2023

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, FERNANDES Isabel, DURRER Eric, JAWORSKI David et SIMON Marc - conseillers

Excusé: OLINGER Kevin

1. Le bourgmestre Lucien Brosius de Schoos est nommé comme candidat pour être élu au sein du membre du conseil d'administration du CGDIS.

1. De Buergermeeschter Lucien Brosius vu Schous gëtt als Kandidat fir de Verwaltungsrot vum CGDIS nominéiert.

2. Le conseil approuve le plan de gestion des forêts pour 2024, tel que dressé par l'Administration de la nature et des forêts – Arrondissement Centre-Ouest et présenté par le préposé forestier M. Olivier Molitor.

3. Le collège des bourgmestre et échevins présente le plan pluriannuel financier modifié portant sur les exercices 2023 à 2026.

4. Le conseil décide de reclasser du domaine public dans le domaine privé de la commune les parcelles cadastrales suivantes :
   a. 46/1621 et 46/1624 section E d'Angelsberg ;
   b. 53/1625, 54/1626, 54/1627 et 54/1628 section E d'Angelsberg ;

   en vue de régulariser la situation existante.

5. Le conseil approuve l'avenant numéro 2 au CDI de Madame Miquelina Dos Santos.

6. Le conseil approuve
   a. l'acquisition d'un bois inscrit au cadastre, section E d'Angelsberg, sous le numéro 428/95 ;
   b. deux actes de prescription trentenaire

7. Le conseil approuve une convention entre la commune et les frères Emile et Camille Weis dans le cadre de l'aménagement d'une aire d'animation pédagogique dans la forêt im Stappert à Angelsberg.

8. Le conseil ratifie la stratégie pluriannuelle sur la protection de la nature et de l'eau, la végétalisation des localités et l'adaptation au changement climatique.

9. Afin de se conformer aux exigences légales, le conseil décide d'adapter les sanctions pénales du règlement d'assainissement des eaux.

10. Le conseil communal décide de modifier le règlement de circulation au niveau de la rue Grande-Duchesse Charlotte à Fischbach.

11. Le conseil approuve un crédit supplémentaire de 20.000 € pour l'élaboration du plan d'aménagemenet particulier (PAP) « um Béchel » à Angelsberg, phase 1 du budget extraordinaire de l'exercice 2023.

2. De Gemengerot heescht de Bëschverwaltungsplang fir 2024 gutt, esou wéi e vun der Forstverwaltung – Arrondissement Centre-Ouest erstallt gouf a vum Fierschter Olivier Molitor presentéiert gouf.

3. De Schäfferot stellt de modifizéierte Finanzplang fir d'Joren 2023 bis 2026 vir.

4. Fir déi bestoend Situatioun ze regulariséieren, entscheet de Gemengerot folgend Kadasterparzellen aus dem Domaine public an de Privatbesëtz vun der Gemeng ëmzeklasséieren:
   a. 46/1621 a 46/1624 Sektioun E vun Angelsbierg;
   b. 53/1625, 54/1626, 54/1627 an 54/1628 Sektioun E vun Angelsbierg.

5. De Gemengerot stëmmt engem 2. Avenant vum Aarbechtsvertrag mat der Madame Miquelina Dos Santos vun Hiefenech zou.

6. De Gemengerot stëmmt folgend Akten :
   a. Kaf vun engem Bësch op der Kadasterparzell 428/95, Sektioun E vun Angelsbierg ;
   b. zwee Verjäerungsakten no 30 Joer

7. De Gemengerot heescht eng Konventioun tëscht der Gemeng an de Gebridder Emile a Camille Weis gutt, fir eng Bëschplaz im Stappert zu Angelsbierg fir pedagogesch Zwecker dierfen ze notzen.

8. De Gemengerot ratifizéiert d'Strategie fir den Natur- a Waasserschutz, d'Revegetatioun vun den Uertschaften an d'Upassung un de Klimawandel.

9. Fir dem aktuelle gesetzleche Kader gerecht ze ginn, entscheet de Gemengerot d'Strofsanktioune vum Oofwasserreglement unzepassen.

10. De Gemengerot decidéiert d'Verkéiersreglement an der rue Grande-Duchesse Charlotte zu Fëschbech ze änneren.

11. De Gemengerot heescht en zousätzleche Kredit um extraordinäre Budget 2023 iwwer 20.000 € gutt, fir de PAP "um Béchel" zu Angelsbierg (Phase 1) auszeschaffen.

# Séance publique du conseil communal du 4 octobre 2023

Présents: BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, FERNANDES Isabel, DURRER Eric, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc - conseillers

1. Le conseil décide, à 5 contre 4 voix, de ne plus vouloir adhérer au pacte logement 2.0 et de ne pas proroger la convention initiale.

2. Le conseil approuve les titres de recettes portant sur un montant de 615.380,78 €.

3. Le conseil approuve l'avenant au CDI de Madame Laëtitia Dieterlen-Vanhamme de Schoos.

Le conseil décide de renommer la commission consultative communale d'intégration en « commission communale du vivre ensemble interculturel » et d'y intégrer la commission consultative communale de la culture et des sports.

5. Nominations aux commissions communales. (voir page suivante)

6. Nominations aux Teams. (voir page suivante)

7. Le conseil vote des aides financières concernant la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables dans le domaine du logement. Vous trouvez tous les renseignements y relatifs à la page 14 de cette édition du bulletin communal.

8. Le conseil décide de clôturer le dossier de construction d'une nouvelle maison communale sur le site à Fischbach, rue du Moulin.

1. De Gemengerot entscheet mat 5 géint 4 Stëmmen net méi um Pacte Logement 2.0 Deel ze huelen an den initialen Accord net ze verlängeren.

2. De Gemengerot stëmmt Einnamen iwwert e Betrag vu 615.380,78 €.

3. De Gemengerot heescht d'Ännerung vum Aarbechtsvertrag mat der Madame Laëtitia Dieterlen-Vanhamme vu Schous gutt.

4. De Gemengerot entscheet, d'Integratiounskommissioun an "d'Kommissioun vum Zesummeliewen" ëmzebenennen an och d'Kultur- a Sportskommissioun doran ze integréieren.

5. Ernennungen an d'Gemengekommissiounen. (op der nächster Säit)

6. Ernennunge fir an d'Teams. (op der nächster Säit)

7. De Gemengerot stëmmt finanziell Hëllefe fir d'Förderung vum rationalen Energieverbrauch an d'Entwécklung vun erneierbaren Energien am Beräich vum Logement. All d'Informatiounen heiriwwer fannt Dir op der Säit 14 vun däser Editioun vum Gemengeblat.

8. De Gemengerot huet entscheet den Dossier fir an der rue du Moulin zu Fëschbech en neit Gemengenhaus ze bauen zou ze maachen.

# Membres nommés aux différentes commissions consultatives et teams

| Kommissioun vum Zesummëliewen / *Commission du vivre ensemble* | | |
|---|---|---|
| Dürrer Eric | Gonçalves Patricia | Kirtz Jerry |
| Kirtz Pitt | Kolber-Bissen Joëlle | Lam Thiem Man Jenny |
| Martinez Valdes Estefania | Schiltz Laurent | |

| Schoulkommissioun / *Commission scolaire* | | |
|---|---|---|
| Claes Didier | Kolber-Bissen Joëlle | Martinez Valdes Estefania |
| Trausch Catherine | Brosius Lucien (membre d'office) | Bamberg Sarah (personnel scolaire) |
| Kolber Sarah (personnel scolaire) | Brosius-Schiltz Tania (parents d'élèves) | Kieffer Simone (parents d'élèves) |

| Bautekommissioun / *Commission des bâtisses* | | |
|---|---|---|
| Chaves Jean-Marc | Daems Paul | Fiermonte Manuel |
| Grün Tom | Heinen Paul | Jaworski David |
| Kolber Roger | Olinger Kevin | Rinnen Tim |
| Decker Paul (Technicien communal) | | |

| Kommissioun fir d'Promotioun vu lokalen, fair gehandelten an Bio Produiten<br>*Commission pour la promotion de produits locaux, équitables et biologiques* | | |
|---|---|---|
| Abas-Denessen Nurcan | Kahn Marie-Jo | Kirtz Pitt |
| Konsbrück-Wagner Michèle | Lam Thiem Man Jenny | Mensen Lucie |
| Schiltz Laurent | Simon Marc | Wambach Tanja |

| Klimapakt-Team / *Team Pacte Climat* | | |
|---|---|---|
| Cames Michel | Haas Edmont | Kirtz Jerry |
| Meiers Steve | Settelmeier Yves | Brosius Lucien (Klima-Schäffen) |
| Kolber Carine (Klima-Conseillière) | Laux Marc (Technicien communal) | |

| Naturpakt-Team / *Team Pacte Nature* | | |
|---|---|---|
| Degraux Laurent | Jaworski David | Kirtz Jerry |
| Kirtz Pitt | Kolber Roger | Krippel Yves |
| Simon Marc | Moura Dan (Naturpakt-Schäffen) | Feipel Pierre (Naturpakt-Conseiller) |
| Heuskin Viviane (secrétaire communal) | Molitor Olivier (garde forestier) | |





# Avis de fin d'année



Mat der Approche vum Wanter, wëlle mir Iech matdeelen, dass, konform zu de Bestëmmunge vum Police-Reglement vun der Gemeng Fëschbech*, d'Awunner gehale sinn um Trottoir virun hirem Terrain Schnéi oder Äis wech ze maachen, fir esou méiglech Accidenter ze verhënneren. Am Fall vun Net-Anhale vun dëser Dispositioun kann d'Responsabilitéit vum Awunner engagéiert ginn.

*À l'approche de la saison hivernale, nous tenons à vous informer que, conformément aux dispositions du réglement général de police de la commune de Fischbach*, les riverains sont tenus de déblayer du trottoir devant leur propriété de la neige ou du verglas, ceci afin d'éviter tout accident pouvant survenir. En cas de non-respect de la présente disposition la responsabilité du riverain peut être engagée.*

** article 35*

Laut den Artikelen 12 a 16 vum Police-Reglement vun der Gemeng Fëschbech, ass de Gebrauch vu Knupperten, Freedefeier an aneren explosiven Objeten innerhalb an och an engem Perimeter vun 100 Meter ronderëm den Uertschafte verbueden.

*Selon les articles 12 et 16 du réglement général de police de la commune de Fischbach, il est défendu de faire usage de pétards, de feux d'artifices et d'autres objets détonants similaires à l'intérieur ainsi qu'à une distance inférieure de 100 mètres de l'agglomération.*







**Während de Feierdeeg wäerten d'Büroe vun der Gemeng zou sinn.
Vum 27. bis de 29.12. si mir fir Iech do!**

***

***Les bureaux de l'administration communale resteront fermés les jours fériés officiels.
Nous serons à votre disposition du 27 au 29.12. !***

# Nei Gemengesubsiden

Wéi an der Gemengerotssëtzung vum 25. Juli 2023 decidéiert, wäert ab dem 1. Januar 2024 en neit Reglement betreffend Gemengesubside fir méi Energieeffizienz a Kraaft trieden. D'Reglement, d'Konditiounen, esou wéi d'Formulairen, fannt Dir op eisem Internetsite (www.acfischbach.lu).

*Comme décidé lors de la séance du conseil communal en date du 25 juillet 2023, un nouveau réglement concernant des aides financières communales pour l'efficacité énergétique entrera en vigueur le 1er janvier 2024. Vous trouvez le règlement, les conditions ainsi que les formulaires sur notre site internet (www.acfischbach.lu).*




## A Nohalteg energeetesch Sanéierung vun engem bestoende Wunnhaus
## *Assainissement énergétique d'une habitation existante*

| | | |
|---|---|---|
| **1** | Ernergieberoder<br>*Conseil en énergie* | 10% vum staatleche Subside (max. 250 €)<br>*10 % de la prime étatique (max. 250 €)* |
| **2** | Thermesch baussen a bannen Isolatioun vun Aussenmaueren<br>*Isolation thermique extérieure ou intérieure des murs extérieurs* | 10% vum staatleche Subside (max. 1000 €)<br>*10 % de la prime étatique (max. 1000 €)* |
| **3** | Thermesch Isolatioun vun engem Daach oder der ieweschter Dall zu engem net gehëtzte Beräich<br>*Isolation thermique de la toiture ou de la dalle supérieure contre une zone non chauffée* | 10% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*10 % de la prime étatique (max. 500 €)* |
| **4** | Thermesch Isolatioun vun der ënneschter Dall oder enger Mauer a Kontakt zum Buedem oder zu engem net gehëtzte Beräich<br>*Isolation thermique de la dalle inférieure ou des murs contre sol ou zone non chauffée* | 10% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*10 % de la prime étatique (max. 500 €)* |
| **5** | Erneierung vu Fënsteren oder Terrassendieren<br>*Remplacement fenêtres et portes fenêtres* | 25% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*25 % de la prime étatique (max. 500 €)* |
| **6** | Installatioun vun enger Lëftungsanlag<br>*Installation d'un système de ventilation* | 25% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*25 % de la prime étatique (max. 500 €)* |

12





## B Nohaltegt Bauen
## *Construction durable*

| | | |
|---|---|---|
| **1** | Bau vun engem nohaltege LENOZ Haus<br>*Construction d'un logement durable LENOZ* | 10% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*10 % de la prime étatique (max. 500 €)* |
| **2** | Ausstellung vun engem LENOZ Zertifikat<br>*Établissement d'un certificat LENOZ* | 25% vum staatleche Subside (max. 250 €)<br>*25 % de la prime étatique (max. 250 €)* |



## C Erneierbar Energiën & Reewaassersammlung
## *Énergies renouvelables & Collecte eau de pluie*

| | | |
|---|---|---|
| **1** | Installatioun vun enger Photovoltaikanlag (max. 30 kWp)<br>*Installation solaire photovoltaïque (max. 30 kWp)* | 25% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*25 % de la prime étatique (max. 500 €)* |
| **2** | Installatioun vun enger thermescher Solaranlag<br>*Installation solaire thermique* | 10% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*10 % de la prime étatique (max. 500 €)* |
| **3** | Installatioun vun enger Wäermepompel<br>*Installation d'une pompe à chaleur* | 10% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*10 % de la prime étatique (max. 500 €)* |
| **4** | Installatioun vun engem Holzpellet-, Holzschnitzel oder Holzverbrennungskessel<br>*Installation d'un chauffage central à granulés de bois, à plaquettes de bois ou à bûches* | 25% vum staatleche Subside (max. 500 €)<br>*25 % de la prime étatique (max. 500 €)* |
| **5** | Installatioun vun enger Reewaassersammelanlag<br>*Installation d'une infrastructure pour la collecte d'eau de pluie* | 25% vum staatleche Subside (max. 250 €)<br>*25 % de la prime étatique (max. 250 €)* |

GEMENG

13




| | | |
|---|---|---|
| **1** | Entsuergung vun engem Masuttstank<br>*Elimination d'un réservoir à mazout* | 250 € |




| | | |
|---|---|---|
| **1** | Tiefkühler (minimum Klass C)<br>*Congélateur (minimum classe C)* | 100 € |
| **2** | Frigo / Kombi Frigo-Tiefkühler (minimum Klass B)<br>*Réfrigérateur / Réfrigérateur avec congélateur intégré (minimum classe B)* | 100 € |
| **3** | Wäschmaschinn / Kombi Wäschmaschinn-Trockner (minimum Klass A)<br>*Lave-linge / lave-linge séchant (minimum classe A)* | 100 € |
| **4** | Spullmaschinn (minimum Klass B)<br>*Lave-vaisselle (minimum classe B)* | 100 € |
| **5** | Trockner (Klass A+++)<br>*Sèche-linge (classe A+++)* | 100 € |








| | | |
|---|---|---|
| **1** | Kaf vun engem Vëlo mat oder ouni elektreschËnnerstëtzung (bis 25 km/h)<br>*Achat d'un pedelec25 (cycle à pédalage assisté, assistance jusque max. 25 km/h) ou d'un cycle conventionnel* | 100 € |

* *De Punkt F gouf an engem Gemengereglement den 28. Oktober 2020 festgehal*
*Le point F a été fixé dans un règlement communal le 28 octobre 2020*

# Opruff

D'Gemeng Fëschbech sicht Student(inn)en oder Leit, déi bei Manifestatiounen (Hochzäiten, Fester, Versammlungen...) vun der Gemeng, hëllefen ze zerwéieren. D'Manifestatioune kënne wärend der Woch, awer och um Weekend sinn.

D'Leit déi mir siche, musse mindestens 16 Joer al sinn a kréien och e Stonneloun. Déi Persounen, déi sech mellen, ginn op eng Lëscht ageschriwwen a bei Bedarf vun der Gemeng kontaktéiert.

*La commune de Fischbach recherche d'étudiant(e)s ou de personnes qui seraient prêts à vouloir faire le service lors de manifestations communales (fêtes, réunions, mariages, ...). Ces manifestations peuvent avoir lieu pendant la semaine mais également les weekends.*

*Les personnes recherchées doivent avoir au moins 15 ans et recevront une rémunération par heure prestée. Les personnes intéressées seront inscrites sur une liste tenue par la commune et seront contactées au besoin le moment venu.*

GEMENG

# Jobs d'étudiants 2024

**En 2024, la commune de Fischbach engagera des étudiants pendant les vacances d'été.**

Genre de travaux à exécuter : tous les travaux en relation avec le service de régie communal.

**Au maximum 6 étudiants seront engagés dans une des 3 périodes suivantes :**
- du 15 juillet au 2 août inclus ou
- du 5 août au 23 août inclus ou
- du 26 août au 13 septembre inclus

Les demandes complètes sont à remettre à l'administration communale de Fischbach **au plus tard le 23 février 2024 à 11h30**. Tout dossier incomplet sera refusé et toute demande reçue après cette date, ne sera plus considérée.

Les détails concernant les **conditions** à remplir et les **pièces à l'appui** à présenter sont à consulter sur ***www.acfischbach.lu***.

Si le nombre des candidatures reçues, dépasse 2 candidat(e)s par période, le collège échevinal procèdera au tirage au sort.

L'administration communale de Fischbach, (tél : 327084-25, email: population@acfischbach.lu) est à votre disposition pour tout renseignement supplémentaire.

# Neie Schoulbus

Säit dëser Schoulrentrée ginn d'Schüler mam Elektrobus an d'Schoul gefouert.

*Depuis cette rentrée, les élèves sont conduits à l'école en bus électrique.*








doctena

Stëftung HELLEF DOHEEM

#aguddenhänn

# Dispensaire à Larochette

***Que pouvons-nous faire pour vous aujourd'hui ? Un personnel de santé qualifié vous attend pour:***

- *Pansements*
- *Injections et perfusions*
- *Mesures de glycémie*
- *Prises de tension artérielle*
- *Prises de sang*
- *Autres soins infirmiers*

**Notre adresse et contact:**
**29 chemin J.A. Zinnen, L-7626 Larochette**

**Tél. 40 20 80-3400**
**Mail: larochette@shd.lu**

***Heures d'ouverture:***
*Lundi - Vendredi: 6.30h – 12h*
*pour vos rendez-vous testez notre nouvelle collaboration avec Doctena.*

www.shd.lu
www.secherdoheem.lu
info@shd.lu

GEMENG

# Realisatiounen an der Gemeng 2023

Spillplaz bei der Angsber Schoul





Fäerdegstellung vun der aler Molkerei

Pedagogesch Bëschplaz zu Angelsbierg





Zwee nei Iwwerdiech an der Schoul














En neie Buedembelag an der Schoul an nei Bänken am Cycle 2 an 3.





Zousätzlech Solarpannoën um Daach vum Veräinshaus an um Daach vun der Schoul





Neie Busarrêt "Beim Schlass" zu Fëschbech

# Europawalen 2024




### Bréifwal

Et ass lech net méiglech den 9. Juni 2024 perséinlech an Äre Walbüro ze kommen? An dësem Fall kënnt Dir lech fir d'Bréifwal decidéieren! D'Demande kënnt Dir elektronesch iwwer myguichet.lu oder iwwer e Formulaire maachen, den Dir op der Gemeng kritt, an dat fréistens ab dem 18. Mäerz 2024 a spéitstens bis den 30. Abréll 2024 (Envoi an d'Ausland) oder de 15. Mee 2024 (Envoi a Lëtzebuerg).

### *Vote par correspondance*

*Vous n'avez pas la possibilité de vous rendre personnellement dans votre bureau de vote le 9 juin 2024 ? Dans ce cas vous pouvez opter pour le vote par correspondance ! La demande est faite soit électroniquement via myguichet.lu, soit sur un formulaire à obtenir auprès de l'administration communale à partir du 18 mars 2024 au plus tôt et au plus tard le 30 avril 2024 (envoi à l'étranger) ou le 15 mai 2024 (envoi au Luxembourg).*


### Einschreibung auf die Wählerlisten

Sie sind EU-Bürger? Sie sind noch nicht eingeschrieben auf den Wählerlisten in Luxemburg für die Europawahlen? Tragen Sie sich beim Bürgeramt unserer Gemeinde oder online über www.guichet.lu ein! Wir alle entscheiden über die Zukunft Europas! Weitere Informationen über die Einschreibebedingungen für EU-Bürger und die Wahlen im Allgemeinen finden Sie demnächst unter www.ichkannwaehlen.lu. Einschreibungen sind bis zum 15. April 2024 um 17 Uhr möglich.



### *Inscription sur les listes électorales*

Vous êtes citoyen de l'UE ? Vous n'êtes pas encore inscrit sur les listes électorales au Luxembourg pour les élections européennes ? Inscrivez-vous au bureau de la population de notre commune ou en ligne sur www.guichet.lu ! Nous décidons tous de l'avenir de l'Europe ! Plus d'informations concernant les conditions d'inscription pour les citoyens de l'UE et les élections en général seront prochainement disponibles sur www.jepeuxvoter.lu. Les inscriptions sont ouvertes jusqu'au 15 avril 2024 à 17 heures.






# Nei Mataarbechter



Den 1. Oktober 2023 huet d'Jessica Durieux vu Steeën op der Fëschber Gemeng ugefong fir d'Équipp am Populatiounsbüro an am État Civil ze verstäerken.
D'Jessica huet 2017, nodeems et e puer Joer als Ersatz am Enseignement ënnerwee war, op der Noumer Gemeng gestart a war vun 2019 bis dëse September zu Nidderaanwen am selwechte Service täteg.



De Paul Decker vu Wahl verstäerkt eisen Teschneschen Déngscht dann och säit dem 1. Oktober.
Nodeems de Paul zu Louvain-la-Neuve säin Ofschloss als "Ingénieur Civil Architecte" gemaach huet, war hien 8 Joer am Privatsecteur täteg a freet sech elo op deen neien Challenge op eiser Gemeng.
Mir wënschen him alles Guddes a senger neier Carrière.





# Präventiounscours op der Héicht

**22.11.2023 SCHOUS**

Am Oktober/November huet den CGDIS an Zesummenarbecht mat der Gemeng e Präventiounscours op der Héicht organiséiert. D'Leit kruten nëtzlech Tipps wéi se sech doheem kinnte schützen. Och den Emgang mam Feierläscher gouf geübt. Als Ofschloss kruut jidereen eng Feierläschdecken vun der Gemeng geschenkt!



# Infoowend - Berodend Kommissiounen


**20.09.2023 SCHOUS**

Lors d'une soirée d'information au Veräinshaus à Schoos,

- la commission scolaire,
- la commission des bâtisses,
- la commission communale du vivre ensemble interculturel
- la commission pour la promotion de produits locaux, équitables et biologiques
- le pacte climat ainsi que
- le pacte nature

ont été présentés aux habitants de la commune.

Les personnes intéressées avaient la possibilité de s'informer sur différents stands et de poser leur candidature sur place.
La soirée a été clôturée par un pot amical.














# Kommemoratiounsdag

**22.10.2023 FËSCHBECH A SCHOUS**

Den 22. Oktober 2023 huet d'Gemeng Fëschbech mat eiser Chorale, de Pompjeeë vum CIS Fëschbech an alle Leit, déi dee Mëtteg an der Fëschber Kierch present waren, mam Deche Felix Steichen den Affer vun deenen zwee Weltkricher geduecht.
Am Gedenkgottesdéngscht gouf unhand vum Kuerzfilm "De Bäcker a säi Radio", dee vun de Geschichtsfrënn an de Guiden a Scouten - Grupp Saint Michel vu Miersch, zesummegestallt gouf, d'Schicksal vum jonke Familljepapp Jean Kisch gewisen. De Jean huet d'BBC Neiegkeeten, déi fir d'Lëtzebuerger gesent goufen, doheem gelauschtert an huet och net verstoppt, datt hien näischt vun dem neie Führer géif halen. Dem Jean seng Haushälterin huet hie verroden an enges Daags ass e vun der Gestapo convoquéiert ginn. De Jean ass virstelleg gi bei der Gestapo an ass leider net méi duerno heem komm.
Eng beweegend Presentatioun, déi stellvertriedend d'Situatioun vun de Familljen ënnert der Nazibesatzung beliicht.
Nom Gottesdéngscht gouf d' Heemecht gesongen an eng Schärp bei den zwee Gedenkmonumenter un d'Affer zu Fëschbech an zu Schous néiergeleucht.
Fir datt d'Geschicht sech net widderhëlt, spillt den Erhalt vun der Memoire eng primordial Roll. E grousse Merci Iech all fir Är Presenz op dësem Dag.

Dan Moura
Schäffen





**KOMMEMORATIOUNSDAG 2024:**
**20.10.2024 um 10:00 Auer**




GEMENG

# Kaffisbuffet

**22.10.2023 SCHOUS**

Déi nei Kommissioun fir d'Ënnerstëtzung vu lokalen, fair gehandelten a biologesche Produiten huet an Zesummenaarbecht mat der Elterevereenegung Fëschbech (APEF) den 22. Oktober 2023 ee Kaffisbuffet am Veräinshaus op der Héicht organiséiert.

66 Leit hu sech bei där 9. Editioun getraff. Um Buffet stoungen nieft fair gehandelte an Bio-Liewensmëttel och Produiten aus der Gemeng, wéi zum Beispill Mëllech an Eeër vum Guy Damgé vun Angelsbierg an Hunneg vum Sepp Rocchio vu Schous. Och regional Produite wéi z.B. Viz a Gebeess vun Eppelduerf, Kéis vu Bäerdref, Fleesch vum Metzler vu Lëntgen a Brout vum Bäcker vu Biissen stoungen zur Auswiel.

D'Reschter vum Kaffisbuffet goufen de Schoulkanner aus dem Cycle 4 offréiert, déi sech immens gefreet a sech et gutt schmaache geloss hunn.

Ee grousse Merci un d'Produzenten an un all déi, déi beim Buffet matgeholl hunn.

Laurent Schiltz













# Museksschoul

**26.10.2023 ETTELBRÉCK / 10.12.2023 SCHOUS**

## Diplomiwwereechung am CAPE an UGDA Auditioun





De Louis Max krut de 26.10.2023 am Kader vun der Remise des Diplômes aux lauréats vum Schouljoer 2022/2023 am Conservatoire du Nord zu Ettelbréck säin Diplom iwwerreecht fir seng Leeschtungen am musikalesche Beräich.

De Jimmy Kolber krut den 10.12.2023 op der Auditioun vun der UGDA zu Schous am Veräinshaus säin Diplom an der Percussioun iwwerreecht.



Méi Informatiounen iwwert déi allgemeng Museksoffer, déi d'Gemeng Fëschbech ënnerstëtzt, fannt dir um Internetsite:
www.musekschoulen.lu
Op dem Site fann dir eng Kaart vu Lëtzebuerg, wou dir e.a. d'Linken an d'Offer fannt vum CmNord zu Ettelbréck a vun der lokaler Museksschoul an der Fiels.
D'Awunner aus eiser Gemeng hunn e Virrecht bei den Aschreiwunge bei dësen zwee Acteuren aus dem Museksberäich. Profitéiert dovun an och vum Éveil musical vun der UGDA, fir déi méi Kleng, an der Angsber Schoul.
Wann dir nach Froen hutt, kenn dir iech och un eisen neien Delegéierte fir d'Museksschoulen, den Eric Dürrer wenden.

# Adventsfënsteren



1



2



4



5



6



7



8



10

All Fotoe vun eiser Adventsfënster-Aktioun fannt dir op eiser Internetsäit www.acfischbach.lu .
D'Kommissioun vum Zesummeliewen seet all de Leit a Veräiner Merci déi matgemaach hunn.

# Nationalen Dag vum Bam 2023

**11.11.2023 HIEFENECH**

Am 11. November fand in der Supp in Heffingen die jährliche Pflanzaktion des Natur- & Geopark Mëllerdall zum Anlass des Nationalen Tag des Baumes (JNA) statt. Der Standort war kein Zufall, sondern wurde ganz gezielt auf den Baum des Jahres 2023, die Moorbirke Betula pubescens, hin ausgewählt. Wie der Name verrät, ist die Moorbirke auf feuchte bis nasse Standorte angewiesen und kommt als typische Pionierart auch mit schwierigsten Verhältnissen zurecht. Entlang der renaturierten Weißen Ernz sollten die neu gepflanzten Bäume also gute Voraussetzungen haben sich zu etablieren.

In Zusammenarbeit mit der Gemeinde Heffingen und der Natur- und Forstverwaltung (ANF) wurde wie in den Jahren zuvor für jede der 11 Naturparkgemeinden (sowie für die Beitrittsgemeinde Reisdorf) ein Baum gepflanzt, symbolisch für die Vernetzung der Region und ihrer Gemeinden. Mit ihrer gut sichtbaren, für Birken typischen hellen Rinde, werden die Bäume in den kommenden Jahren sicherlich ein weiterer Blickfang in der ohnehin schon eindrucksvollen Landschaft entlang des nationalen Radweges PC5 darstellen.

Text a Fotoen: Natur- & Geopark Mëllerdall









Le 11 novembre, l'action de plantation annuelle du Natur- & Geopark Mëllerdall à l'occasion de la Journée Nationale de l'Arbre (JNA) a eu lieu à la Supp à Heffingen. Le site n'a pas été choisi par hasard, mais de manière très ciblée en fonction de l'arbre de l'année 2023, le bouleau pubescent Betula pubescens. Comme son nom l'indique, le bouleau pubescent est tributaire de sites humides à mouillés et, en tant qu'espèce pionnière typique, il s'accommode des conditions les plus difficiles. Le long de l'Ernz blanche renaturée, les arbres nouvellement plantés devraient donc avoir de bonnes conditions pour s'établir.

En collaboration avec la commune de Heffingen et l'Administration de la nature et des forêts (ANF), un arbre a été planté pour chacune des 11 communes du parc naturel (ainsi que pour la commune adhérente de Reisdorf), symbolisant ainsi la mise en réseau de la région et de ses communes. Avec leur écorce claire bien visible, typique des bouleaux, les arbres attireront certainement l'attention dans les années à venir dans le paysage déjà impressionnant le long de la piste cyclable nationale PC5.

Text et photos: Natur- & Geopark Mëllerdall





NATUR & KLIMA

Naturpark Mëllerdall Geopark

unesco Global Geopark

naturparkmellerdall
naturpark.lu
naturparke luxemburg



## Liederverarbechtung am Duo (Erwuessener mat Kand)

**6.1.**
**13:30 - 17:00**
**Hierber**

mam Atelier Atout Cuir

**Präis: 100 € /Duo - ab 6 Joer**




## Motorseecours

**2.3.**
**8:30 - 16:30**
**Marscherwald**

mam CNFPC

**Präis: 75 € - ab 18 Joer**



## Wëllbeien hëllefen: Insektenhotel

**24.2.**
**14:00 - 17:00**
**Beefort**

mam NGPM

**gratis**



## Dréppendegustatioun

**21.3.**
**19:00 - 21:30**
**Hierber**

mam Dréppesommelier Paul Thill
an der Hierber Brennerei

**Präis: 45 € - ab 18 Joer**

Wéi kann een d'Feierdeeg méi nohalteg gestalten?



Schenkt äre Léifsten Zäit zesummen an entdeckt wat een alles am Mëllerdall maache kann - mat engem Bong vum Natur- & Geopark!!

Umeldungen:
@ info@naturpark-mellerdall.lu
+352 26 87 82 91

Weider Infos:
www.naturpark-mellerdall.lu
facebook.com/naturparkmellerdall

# Natur- & Geopark Mëllerdall

**Neuer Vorstand des Natur- & Geopark Mëllerdall**

Nachdem die Gemeindewahlen in allen Mitgliedsgemeinden abgeschlossen sind, fand im Naturpark-Haus in Beaufort die erste Vorstandssitzung mit dem neuen Vorstand statt. Vom Vorstand wurde direkt im Anschluss der Exekutivvorstand gewählt.

**Ben Scheuer** (Vertreter der Gemeinde Echternach) **ist ab jetzt Präsident des Natur- & Geopark Mëllerdall.**

Ein herzliches Dankeschön geht an den früheren Präsidenten Camille Hoffmann sowie an Romain Osweiler und alle früheren Vorstandsmitglieder, die in den vergangenen Jahren ehrenwerte Arbeit im Exekutivvorstand geleistet haben. Der Natur- & Geopark Mëllerdall freut sich auf eine weiterhin vielversprechende regionale Zusammenarbeit.

**Nouveau comité du Natur- & Geopark Mëllerdall**

Les élections communales étant terminées dans toutes les communes membres, la première réunion du conseil d'administration avec le nouveau comité a eu lieu dans la maison du parc à Beaufort. Le comité a ensuite élu le bureau.

**Ben Scheuer** (représentant de la commune d'Echternach) **est désormais le président du Natur- & Geopark Mëllerdall.**

Un grand merci à l'ancien président Camille Hoffmann ainsi qu'à Romain Osweiler et à tous les anciens membres du comité qui ont effectué un travail honorable au sein de notre organisation au cours des dernières années. Le Natur- & Geopark Mëllerdall se réjouit de poursuivre une collaboration régionale prometteuse.











# Masterplan Regioun Mëllerdall

**23.10.2023 FIELS**

Zahlreiche Partner aus der Region waren am Montagabend der Einladung des Tourismusverbandes ins Centre Culturel Larochette gefolgt, um der Abschlusspräsentation des neuen Masterplans für die Region Müllerthal beizuwohnen. „Die touristischen Partner in der Region arbeiten sehr vernetzt. Daher war von Anfang an klar, dass alle in den Prozess mit einbezogen werden", so Konstanze Liskow, stellvertretende Geschäftsführerin des Tourismusverbandes. Viele hatten im Vorfeld in Arbeitsgruppen intensiv an der Entwicklung des Masterplans mitgearbeitet.

Alexander Seiz von der Beratungsagentur Kohl & Partner hat die Erstellung des Masterplans mitkoordiniert und stellte zunächst die Vision vor, die man bis 2035 erreichen möchte: „In der Region Müllerthal hat sich ein nachhaltiger, naturschonender Tourismus für alle entwickelt, von dem die gesamte Region ganzjährig profitiert." Auch ging er auf die touristischen Leitlinien und den strategischen Rahmen zur Umsetzung der Vision vor.

Es geht um die Entwicklung neuer Themen, die Sicherung von Qualität und touristischer Infrastruktur, gelebte Nachhaltigkeit, Zusammenarbeit mit regionalen und überregionalen Partnern und den Einbezug der Lebensraum-Perspektive. Letzteres heißt, dass attraktive Angebote nicht nur für Besucher, sondern auch für alle Einwohner der Region geschaffen werden, was die regionalen Wirtschaftskreisläufe stärken und die negativen Einflüsse des Tourismus auf die Region verhindern kann.

**Als UNESCO Global Geopark mit felsenreicher Kulisse und ungeahnten Kulturschätzen überzeugen**

Alexander Seiz ging auf die touristische Positionierung der Region Müllerthal ein: „Die Region Müllerthal überzeugt als UNESCO Global Geopark mit faszinierenden Outdoorerfahrungen in felsenreicher Kulisse und ungeahnten Kulturschätzen". Die zukünftigen Handlungsfelder sind „Outdoor & Naturerfahrung" und „Kulturschätze", wichtige Querschnittsthemen sind Nachhaltigkeit, Lebensraum & regionale Produkte. Mit der Kommunikationsstrategie möchte man die Gäste für den Zauber von Natur, Kultur und Menschen begeistern.

**Gedenktourismus, „Region Müllerthal – Zeitreise" und Komfortwege**

Konstanze Liskow ging auf die Wichtigkeit von Kulturtourismus und Nachhaltigkeit ein. Etwaige Projekte in diesem Feld sind der Gedenktourismus und die Idee der „Region Müllerthal – Zeitreise", ein attraktives digitales Angebot in der gesamten Region.
Beim Thema Nachhaltigkeit spielen die Felder Mobilität, Evaluation und Kommunikation eine Schlüsselrolle. Beim Angebot zum Wandern, welches seit vielen Jahren das Hauptthema und Anziehungspunkt der Region ist, geht es jetzt darum, sich an aktuelle Entwicklungen und Trends anzupassen. Auch die Komfortwege für alle seien ein wichtiges Zukunftsprojekt.

Da auch in den Wintermonaten viele Gäste in der Region sind, ist die Saisonverlängerung ein langfristiges Ziel für Konstanze Liskow. In der Kommunikation will man noch stärker als bisher auf die Winter-Kampagne setzen.

Abschließend bedankte Konstanze Liskow sich bei allen, die beim Ausarbeiten des Masterplans mitgewirkt hatten sowie auch bei Linda Salentin, Geschäftsführerin des Tourismusverbandes (zurzeit im Mutterschutz), die das Projekt des neuen Masterplans initiiert hatte.

Ein Masterplan, allein für den Mullerthal Trail als Wanderprodukt und -Marke, stammt aus dem Jahr 2015. Dies sei nun der erste Masterplan, der für die gesamte Region und zusammen mit allen Akteuren erarbeitet worden sei und der der touristischen Region eine Strategie für die kommenden Jahre bietet.

Text & Foto: ORT Mëllerdall









# Kenneléierowend an der Angsber Schoul

**19.10.2023 ANGELSBIERG**

Den 19. Oktober 2023 huet lo scho fir d'drëtte Kéier de Kenneléierowend vun der Angsber Schoul zesumme mat der Maison Relais „Bei de Kueben" stattfonnt. Bei dëser Geleeënheet kënnen d'Elteren, d'Léierpersonal vun der Angsber Schoul, sou wéi awer och d'Ekipp vun der Maison Relais an engem flotten, e bësse méi informelle Kader kenneléieren. No engem klenge Wëllkomm vu Säite vun der Schoulpräsidentin Sarah Kolber sou wéi och vun der Madame Thimmesch, Responsabel vun der Maison Relais, hunn d'Eltervertrieder an de Buergermeeschter kuerz d'Wuert ergraff, ier den Här Carlo Thimmesch, ICN (Instituteur spécialisé en compétences numériques) an engem flotte Virtrag dem Publikum méi iwwer d'kënschtlech Intelligenz (KI) erzielt huet. Duerno huet d'APEF, d'Elterevereenegung, nach hir Generalversammlung ofgehalen, ier den Owend mat engem flotte Patt, offréiert vun der Gemeng, an enger gudder Kürbiszopp, gemaach vun de Kanner an der Maison Relais, ofgeschloss ginn ass.

Text: Angsber Schoul
Foto: Luss Brosius





# Aktivitéiten an der Angsber Schoul

## HIERSCHTNOMËTTEG

Mëttwochs, de 4. Oktober 2023 huet deen éischte cycleiwwergräifenden Nomëtteg fir dëst Schouljoër stattfonnt, dës Kéier zum Thema „Hierscht". A ville flotten Atelieren hunn d'Kanner a gemëschte Gruppe vu Précoce bis Cycle 4.2 gespillt, gemoolt, gebak a gebastelt.











## Achtsamkeets-Formatioun

Am Laf vum leschte Joer huet d'Ekipp aus dem Cycle 1 vun der Angsber Schoul een Achtsamkeets-Coaching mam CDSE (Centre de Compétence pour le Développement Socio-Emotionnel) gemaach. Den 11. November 2023 hu si hiert Wëssen, wat si sech an deem Joer ugëeegent hunn, an hir Erfarungen un hir Kolleeginnen aus der Angsber Schoul weidergin. Zesummen hu si iwwert den Transfert fir déi verschidden Altersgruppen nogeduecht an och selwer déi achtsam Momenter voller Rou an dee flotte gemeinsame Moment als Ekipp genoss.









| Angsber Schoul |

# Experimenter an der Science - C3





















| Angsber Schoul |

# Insektenhoteler am Cycle 3















Mir soen dem Joelle vum Natur- a Geopark Mëllerdall a vun der Associatioun „Duerfkanner" villmools Merci fir déi flott Aktivitéit am Kader vum Projet Natura 2000. Zesummen hu mir net nëmme vill iwwer eis Insekte geléiert, mee och wat fir d'Baue vun engem Insektenhotel wichteg ass.





# Die Lesenacht Cycle 4.1

Die Lesenacht vom Cycle 4.1 war am 16.11.2023. Wir haben das Buch „Crime en Bretagne / Verbrechen in der Bretagne" gelesen. Das Essen war sehr lecker, wir haben Pfannkuchen mit Zucker und Kürbissuppe gegessen. Wir haben eine Nachtwanderung zur Grünschnittanlage gemacht und uns gegenseitig erschreckt. Als wir zurückgekommen sind, haben wir Mitternachts-Verstecken gespielt. Bei beiden Spielen haben wir die Lehrerinnen als letztes gefunden. Die Jungen und die Mädchen haben getrennt geschlafen. Bei den Jungen hat Lehrerin Emilie geschlafen, bei den Mädchen hat Lehrerin Sarah geschlafen. Die Jungen haben nicht so gut geschlafen, weil einer sehr laut geschnarcht hat. Die Mädchen haben gut geschlafen. Weil wir so müde waren und um gemütlich zu frühstücken, sind wir am nächsten Tag nicht turnen gegangen. Wir sind am Morgen aufgestanden, als die Lehrerin als Wecker das Lied „Hope" abgespielt hat, außerdem haben wir Klopfstreiche bei den Mädchen gemacht. Am Morgen haben wir unsere Sachen gepackt. Danach haben wir gefrühstückt. Wir haben auch nicht so wirklich viel gelernt an diesen Tag, weil wir alle sehr müde waren. Wir haben das Buch am Nachmittag fertig-gelesen.

Mats und Max aus dem Cycle 4.1











# Science Festival C4

Am 10.11.2023 ging der Cycle 4 der Angsber Schule zum Science Festival. Das Festival fand in der Abtei Neumünster statt, wo die zwei Klassen mit dem Zug hingefahren sind. In einem aufgestellten Zelt standen viele Stationen, verschiedene waren aber auch in einem Gebäude. Es gab auch ein wissenschaftliches Theaterstück, es fand außen statt. An einer Station mit einer aufgebauten Höhle konnte man verschiedene Mineralien erforschen und bewundern. Zum Schluss bekam jeder einen Amethyst (ein lila Mineral). Es waren viele andere Klassen da und es war viel los.

Mathilda, Elise und Lena, Cycle 4.1











| Angsber Schoul |

# SCHOULKLASSEN 2023-2024



PRÉCOCE



CYCLE 1.1 + 1.2



CYCLE 1.1 + 1.2



CYCLE 2.1

| Angsber Schoul |












CYCLE 3 (CLASSE MIXTE)



CYCLE 4.1



CYCLE 4.2



# EI EI EI, LO ASS DE KLEESCHEN HEI

















| Angsber Schoul |













# D'Crèche "Am Kuebenascht" ass ënnerwee!

Sortië sinn ëmmer ganz beléift bei eise Kanner! Wann et heescht "Gi mir eis undoen?" sinn d'Kanner ëmmer direkt motivéiert mat ze kommen. Déi lescht Wochen hate mir vill verschidde Sortien ugebuede passend zu den Interesse vun de Kanner.

**Sortie Schwemm um Krounebierg**
Hei ginn de Kanner hir Sënner ugereegt, si maachen eng nei Raumerfarung, d'Beweegung steet am Vierdergrond an natierlech och Freed a Spaass!





**Projet Airtramp Hiefenech**
Op dem beléiftem Airtramp begéine mir anere Kanner. Am Vierdergrond steet awer d'Kierperbewosstsinn, Gläichgewiicht a Koordinatioun.



**Projet Centre de Jour Luerenzweiler**
Zesummeféiere vu Generatiounen ass ee vun eisen neiste Projeten.



**Sortie an de Pompjeesbau**
Duerch een intensiv Spill mat Pompjeesutensilien an der Crèche, hu mir de Kanner d'Méiglechkeet gebueden, d'Pompjeeën an der Realitéit besichen ze goen.





**Projet Bauerenhaff «am Aker»**
Ee vun eis beléiftste Projeten sinn eis reegelméisseg Besich op de Bauerenhaff zu Waldbëlleg. Hei kréien d'Kanner ganz vill Ofwiesslung ugebueden: vum Fidderen iwwert d'Heemelen awer och Ponye reiden sou wei flott kleng Angeboter animéieren eis Kanner all Mount 2 Stonnen um Haff.







**Projet Spilltreff Reiland**
Fir och mol mat anere gläichalteregen Kanner a Kontakt ze kommen an eng nei Emgéigent kennen ze léieren, organiséiere mir reegelméisseg e Spilltreff mat Reiland. Dat ass mol bei eis hei an der Crèche hei zu Schous, bei hinnen an der Crèche oder och mol gären en aneren Treffpunkt.







**Projet Bësch zu Schous**
Natur mat alle Sënnen erliewen. Mir gi reegelméisseg mëttwochs an de Bësch bei eis zu Schous. Hei steet Beweegung och am Vierdergrond mee och erkunden vun Naturmaterialien. Dofir huele mir ëmmer eise Bollerwagen mat verschidden Aarte vu Geschier.



Fir kënnen dës verschidden Uertschaften ze besiche benotze mir den ëffentlechen Transport oder de Bummelbus. Domat fänkt d'Freed souguer scho virum eigentlechen Angebot un!

Text a Fotoen:
Crèche «Am Kuebenascht» vu Schous

# Projet "Bänk am Schoulhaff"

Fir d`Teamaarbecht, d`Eegeninitiativ an d`Kreativitéit zu fërderen, ass d´Iddi entstanen, zesumme mat de Kanner wärend der grousser Vakanz, d´Bänk am Schoulhaff nei ze gestalten. Mir hunn ons dobäi no de Motiver vun der Kënschtlerin, Niki de Saint Phalle inspiréiert.













| Maison Relais |



Wéi si mir virgaangen?

Als éischt hunn d'Kanner d'Motiver rausgesicht.
Dono gouf d'Bänk wäiss iwwerstrach an ee Croquis mat Kräid opgedroen.
Uschléissend hunn d´Kanner d'Motiver bemoolt.
Nodeems d'Bänk fäerdeg gestalt war, sin d'Kanner gefrot gi, wéi si dëse Projet erlieft hunn;

- Et war cool a kreativ, trotzdeem war et ustrengend sou präzis ze molen. Am grousse ganzen huet et mir awer gefall.
- Ech géif ëmmer rëm bei sou engem Projet mat maachen
- Et huet mir Spaass gemaach, dobäi konnten ze sinn.
- Mir konnte mat decidéieren, wat op d´Bänk gemoolt gëtt an et huet mir gefall dobausse kennen ze molen.



# Halloween an der Maison Relais

An der Allerhellgevakanz hunn d'Kanner méindes direkt fläisseg gebastelt fir eis Entrée ganz am Zeeche vun Halloween ze dekoréieren.


Och den 31.11.2023 hunn sech all eis Aktivitéite ronderëm Halloween gedréit:
Den C2-4 huet en „**Halloweenhaus**" gebaut dat si dem C1 spéider presentéiert hunn: et war d'Haus vun der Hex „**Hokus-Pokus**" an hirer Kaz „**Spooky**". An deem Haus konnt een der Hex hiere Kach- an Experimentéieratelier entdecken (Si kacht am léifste Schlaangen a Fräschen) oder sech am mysteriösen Zauberspigel kucken (mee opgepasst: aus deem Spigel kucken ëmmer nees Monsteraën eraus...).
D'Kanner hunn och ee klenge Kierfecht entworf op deen d'Hex Hokus-Pokus all owes hir nei Zauberformelen an Zaubersprëch ausprobéiere geet.

Zesumme mat passende Luuchten an Hexengesank konnten d'Kanner aus dem C1 dës kleng Zauberwelt entdecken. Mee si hu misse gutt oppassen, well a verschiddenen Ecken waren onheemlech a mysteriös Mënsche verstoppt... .


Am Nomëtteg ass dann d'Halloweenparty ugaange op där all d'Kanner an hiren Kostümmer danzen an u verschiddene Spiller deelhuele konnten. Spéider konnten si sech „stäerken" mat leckerem, selwer gebrauten Hokus-Pokus-Gedrénks oder mat Schokomuffins, déi moies vum C1 preparéiert goufen.






















# Ausfluch vun de Pompjeeën

16.09.2023

Fir niewent de selechen Übungen an Asätz och emol eppes flottes zesummen ze man wor d'Amicale vun de Pompjeeën mam Bus an Phantasialand gefuer, wou se e ganzen Dag op den Achterbunne Spass haten!













## PROTECTION CONTRE LES CAMBRIOLAGES DURANT LES MOIS D'HIVER

POLICE LËTZEBUERG

Les mois d'automne et d'hiver sont plus propices à des cambriolages en raison de la tombée avancée de la nuit et de la visibilité plus réduite. Dans ce contexte, la Police tient à rappeler qu'une bonne sécurisation mécanique de la maison, un système d'alarme, mais aussi la vigilance individuelle diminuent considérablement le risque d'être victime d'un cambriolage.

### CONSEILS ET COMPORTEMENT PRÉVENTIF

Adoptez les bons réflexes :

- Fermez systématiquement à clé vos portes extérieures, vos fenêtres et porte du garage, même en cas de courte absence.
- Activez toujours votre système d'alarme, même lors d'une courte absence.
- Éclairez votre domicile en fin de journée à l'aide d'une minuterie automatique.
- Informez vos voisins si vous êtes absents pendant une période plus longue.
- Signalisez à la Police toute personne ou voiture suspecte.



### SAVIEZ-VOUS QUE…?

En moyenne, la durée d'un cambriolage ne dépasse pas 5 à 10 minutes (effraction et fouille de l'habitation). Les cambriolages peuvent aussi bien avoir lieu durant la journée que pendant la nuit.

En principe, un cambrioleur ne cherche pas la confrontation avec l'habitant et fuit lorsqu'il remarque que celui-ci l'a aperçu. Néanmoins, si l'habitant constate qu'un cambriolage est en cours, il est déconseillé d'affronter le cambrioleur de manière directe. Alertez plutôt la Police et signalez au cambrioleur qu'il n'est pas passé inaperçu, par exemple en faisant du bruit, en criant ou en allumant l'éclairage.

113 URGENCES

### QUE FAIRE…?

Si vous avez été victime d'un cambriolage, contactez immédiatement la Police au numéro d'appel d'urgence 113 et attendez l'arrivée des agents. Ne touchez à rien, ne jetez, ne rangez et ne nettoyez rien sur le lieu du crime afin de ne pas détruire des traces qui peuvent être importantes lors de l'enquête.

**Pour plus d'informations et de conseils, renseignez-vous gratuitement auprès du service de prévention de la Police :**

**SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ**

(+352) 244 24 40 33 prevention@police.etat.lu

WWW.POLICE.LU © POLICE LËTZEBUERG - 30.10.2023

# Kannerfloumaart

**APEF** 24.09.2023 **SCHOUS**












| Wat war lass? |

# 't ass Kiermes am Duerf

**Chorale Fëschbech - Angelsbierg - Schous** 01.10.2023 / 12.11.2023 **SCHOUS**


Angelsbierg 30.09.


Fëschbech 11.11.


Schous 11.11.

# Journée du Grand-Âge

**Senioreveräin** **15.10.2023 SCHOUS**

**De 15. November 2023 hu mir „Journée du Grand-Âge" gefeiert.**

No der Begréissung vun der Presidentin Marie-Louise Haas hu mir e gudden Menu zerwéiert kritt an zwar vum Restaurant Steinmetz vu Bech. Eise Buergermeeschter Luss Brosius huet och e puer Wierder un eis geriicht an huet eist versechert wann mir e Wonsch hunn deen esou gutt wéi méiglech ze erfëllen. Nom Dessert goufen eis Jubilaren geéiert mat engem flotten Kado.

Wir wënschen hinnen dat Bescht a gesinn eis 2024 erëm.

**75 Joer:** Margot Biel, Braun Liliane
**80 Joer:** Grün Elisabeth, Feller Madeleine, Pfeiffer Maria
**81 Joer:** Feller Alphonse, Hess Louise, Kayl Jacqueline, Mertens Marie-Thérèse
**82 Joer:** Braun Alice, Haas John
**83 Joer:** François Mertens, Sauber Maisy
**84 Joer:** Clemen Norbert, Grün Jean
**85 Joer:** Millmeister Thérèse
**86 Joer:** Kraus Léonie. Welsch Pierrette
**87 Joer:** Flammang Marie-Anne
**88 Joer:** Zenner Jos
**89 Joer:** Holz Hélène, Kraus Ben
**90 Joer:** Albers Henk
























# Kiermesham

**Amicale Pompjeeën Gemeng Fëschbech** **12.11.2023 SCHOUS**

Ewei all Joer wor Kiermessonnden zu Schous den Thé Dansant vun der Amicale vun de Pompjeeën, wou erëm vill Leit de Wee op Schous fonnt hun fir e gudde Maufel z'iessen an duerno en Tierchen ze danzen.













# Cäciliefeier

**Chorale Fëschbech - Angelsbierg - Schous** **03.12.2023 FËSCHBECH**

**Cäcilienfeier mat sozialem Charakter**
„Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous" iwwereecht Erléis vum Parfest

Sonndes, den 3. Dezember, op dem éischten Advent, gouf zu Fëschbech an der Kierch dat traditionellt Cäcilienfest geféiert. D'Mass gouf gehale vum Kaploun Achille Bundangandu a gesanglech ënnerstëtzt vun der Chorale Fëschbech – Angelsbierg – Schous zu Éiere vun der Patréinesch, der helleger Cäcilia. D'Chorale gouf dirigéiert vun der Dirigentin Théa Kass-Origer an den Organist op der Uergel war den Robert Depta.

No der Mass huet d'Chorale Fëschbech – Angelsbierg - Schous zwee generéis Donen iwwerginn, eng Kéier een Don vun 2000 € un d'Elterevereenegung « Een Häerz fir kriibskrank Kanner », vertrueden duerch hir Directrice Martine Wirtz, an en Don vun 1000€ un de Kierchefong Fëschbech / Miersch. Dës Zommen senn entstanen am Kader vum alljärleche Parfest am Juli, wat d'Chorale zu Schous op der Héicht organiséiert, an wat och dëst Joer erëm ee groussen Erfolleg war. An d'Chorale huet och dëst Joer, d'selwecht wéi déi Jore virdrun, decidéiert dësen Erfolleg ze deelen a karitativ Wierker ze ënnerstëtzen.

Zum Ofschloss huet d'Chorale all déi Léit invitéiert déi um Parfest gehollef hunn an dozou bäigedroen hunn dass et sou een Erfolleg gëtt, fir zesumme bei de Restaurant Faust op Longsdorf iessen ze goen. Den Här Präsident Hubert Lanckohr huet a senger Ried, senger Chorale an all deene Fräiwëllege Merci gesot fir hiert grousst Engagement ouni si, sou Aktiounen net realiséierbar wieren. Dono huet hien d'Wuert un d'Martine Wirtz ginn, déi d'Aarbecht vun der Asbl « Een Häerz fir kriibskrank Kanner » kuerz erklärt huet a wat d'Asbl, mat dëse Sue mëscht fir déi krank Kanner an hir Famille bescht méiglech ze ënnerstëtzen an op hirem Wee ze begleeden.



# 2024

## JANUAR

**09** BITZOWEND
Schous / ACFL

**13** CHRËSCHTBEEMECHER ASAMMELEN
CDJ Angelsbierg

GENERALVERSAMMLUNG
Schous / Amicale vun de Pompjeeën

**14** LIESMOIEN
Schous / APEF

**16** BITZOWEND
Schous / ACFL

**20/21/26/27** THEATER
Schous / Theaterveräin

**23** BITZOWEND
Schous / ACFL

GENERALVERSAMMLUNG
Fëschbech / Amicale Maarkollef

**30** BITZOWEND
Schous / ACFL

## FEBRUAR

**02** LIICHTMESDAG
Schoulkanner gi liichten

HIERKENIESSEN
Schous / Senioreveräin

**04** KANNERFUESBAL
Schous / Amicale Pompjeeën

**06** BITZOWEND
Schous / ACFL

**08** FETTEN DONNESCHDEN
Schoulkanner ginn heeschen

**09** HEXEBAL
Schous / Club des Jeunes

**11** MAM BUS OP DIEKRECHER CAVALCADE
Club des Jeunes

**17** BUERGBRENNEN
Fëschbech / Amicale Maarkollef

**18** BUERGBRENNEN
Angelsbierg / Club des Jeunes

BUERGBRENNEN
Schous / Wiichtelcher

**20** BITZOWEND
Schous / ACFL

**24** BAMPLANZAKTIOUN FIR DÉI NEIGEWIELTEN
Schous / ACFL

**27** BITZOWEND
Schous / ACFL



**Schéckt eis är Manifestatioun op: gemengeblat@acfischbach.lu**

## MÄERZ

**01** GENERALVERSAMMLUNG
Schous / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**05** BITZOWEND
Schous / ACFL

**10** GENERALVERSAMMLUNG
Schous / Senioreveräin

**12** BITZOWEND
Schous / ACFL

**17** KAFFISSTUFF
Schous / ACFL

**19** GENERALVERSAMMLUNG
Schous / ACFL

**24** CHOUCROUTE GARNIE
Schous / Spuerveräin

**28 - 30** KLIBBERKANNER SINN ËNNERWEE

**30** OUSCHTEREERSICH
Schous / ACFL

GROUSS BOTZ
Gemeng / Natur-Pakt Team

KLIBBERKANNER GINN OPHIEWEN

## ABRËLL

**07** 1. KOMMIOUN
Fëschbech / Kathoulesch Kierch

## MEE

**01** EISCHT MEEFEIER
Schous / Wiichtelcher

**09** EUROPADAG

**12** SPARGELIESSEN
Schous / Senioreveräin

**17** GALAKTIKAFEST
Schous / Angsber Schoul

## JUNI

**08** NUIT DES SPORTS
FILANO / Sportskommissioun

**09** EUROPAWALEN

MAMMENDAG

**15** NOPESCHFEST
Fëschbech / Fëschber Nopeschfest

**22** VIROWEND NATIONALFEIERDAG
Fëschbech a Schous / Gemeng

## JULI

**04** GRILLPARTY
Schous / Senioreveräin

**12** SCHOULFEST
Schous / APEF

**14** PARFEST
Schous / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

## AUGUST

**15** WËSCH AN DER KAPELL
Schous / ACFL - Kathoulesch Kierch

## SEPTEMBER

**08** HIERSCHTFEST
Schous / Senioreveräin

**16** KAFFI BEI DER RENTRÉE
Angsber Schoul / APEF

**28** 30 JOER ACFL
Schous / ACFL

## OKTOBER

**03** MAMMEN- A PAPPENDAGSFEIER
Schous / Senioreveräin

**05** HÄMMELSMARSCH
Angelsbierg / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**06** ANGSBER KIERMES

PAPPENDAG

**08** BITZOWEND
Schous / ACFL

**13** JOURNÉE DU GRAND-ÂGE
Schous / Senioreveräin

**20** KOMMEMORATIOUNSDAG

**15** BITZOWEND
Schous / ACFL

**22** BITZOWEND
Schous / ACFL

**29** BITZOWEND
Schous / ACFL

## NOVEMBER

**05** BITZOWEND
Schous / ACFL

**10** KAFFISBUFFET
Schous / Kommissioun fir d'Ennerstëtz-ung vu lokalen, fair gehandelten a biologesch Produiten + APEF

**12** BITZOWEND
Schous / ACFL

**16** HÄMMELSMARSCH
Fëschbech a Schous / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**17** KIERMESHAM MAT THÉ DANSANT
Schous / Amicale vun de Pompjeeën

FËSCHBER A SCHÉISSER KIERMES

**19** BITZOWEND
Schous / ACFL

**24** SCHLUECHTFEST
Schous / Senioreveräin

**26** BITZOWEND
Schous / ACFL

## DEZEMBER

**1 - 24** AKTIOUN ADVËNTSFËNSTER
Kommissioun vum Zesummeliewen

**03** BITZOWEND
Schous / ACFL

**04** DE KLEESCHE KËNNT BEI DÉI GANZ KLENG
Schous / Gemeng

**05** DE KLEESCHE KËNNT AN D'SCHOUL
Angsber Schoul / Gemeng

DE KLEESCHE FIERT DUERCH D'GEMENG
CDJ Angelsbierg

**10** BITZOWEND
Schous / ACFL

**17** BITZOWEND
Schous / ACFL

## SCHOULVAKANZEN

**FUESVAKANZ**
10.02.2024-18.02.2024

**OUSCHTERVAKANZ**
30.03.2024-14.04.2024

**PËNGSCHTVAKANZ**
25.05.2024-02.06.2024

**GROUSS VAKANZ**
16.07.2024-15.09.2024

**ALLERHELLGEVAKANZ**
26.10.2024-03.11.2024

**CHRËSCHTVAKANZ**
21.12.2024-05.01.2025






**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Tous les matins de 08h30 à 11h30**
**et les jeudis aussi de 14h00 à 18h00**
**les autres midis: uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84 - 1**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
collège@acfischbach.lu
Bourgmestre: Luss BROSIUS 32 70 84 - 24
luss.brosius@acfischbach.lu
1. Échevin: Daniel MOURA
dan.moura@acfischbach.lu
2. Échevin: Laurent SCHILTZ
laurent.schiltz@acfischbach.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
Viviane HEUSKIN 32 70 84 - 42
viviane.heuskin@acfischbach.lu
Daniel HOTTUA 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
Jessica DURIEUX 32 70 84 - 26
jessica.durieux@acfischbach.lu
Serge HOFFMANN 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
Michèle SCHOLTES 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu
Paul DECKER 32 70 84 - 28
paul.decker@acfischbach.lu
Marc LAUX 32 70 84 - 22
marc.laux@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
Olivier MOLITOR 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu

Léif Leit,
wann dir Loscht hutt fir beim Gemengeblat een Artikel ze schreiwen, kënnt dir Iech bei eis mellen *gemengeblat@acfischbach.lu.*

Léif Veräiner,
Mailt eis w.e.g. d'Fotoen a Berichter vun den Aktivitéite bis den 31/03/2024 op *gemengeblat@acfischbach.lu.*

Mir géifen eis doriwwer freeën se an der nächster Editioun vun eisem Gemengeblat ze veröffentlech!

*Chers habitants, chères habitantes, si vous désirez écrire un article pour le bulletin communal, n'hésitez pas à nous contacter gemengeblat@acfischbach.lu.*

*Chères associations, Envoyez-nous svp vos rapports et photos de vos activités jusqu'au 31/03/2024 à gemengeblat@acfischbach.lu.*

*Nous serions ravis de les publier dans notre prochaine édition du bulletin communal!*

Naturpark Mëllerdall Geopark
KlimaPakt Meng Gemeng engagéiert sech
NaturPakt Meng Gemeng engagéiert sech

D'Gemeng Fëschbech
wënscht Iech all

# Schéi Feierdeeg